N°6704
Entrée le 26.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Gemeinsam Äntwert vum Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn, a vum Verdeedegungsminister, François Bausch, op d'parlamentaresch Fro n° 6704 vum 24.August 2022 vum honorablen Deputéierten Här Fernand Kartheiser

E militäreschen Trainingsprogramm zugonschte vun der Ukrain gouf schonns 2021 vu verschiddenen EU Memberstaate proposéiert. Nom Ufank vum generaliséierte russeschen illegalen Ugréffskrich géint d'Ukrain, am Februar 2022, huet d'Ukrain eng Rei vun Trainingsbesoinen ugemellt, z.B. wärend der Informelle vun den Defenseministeren zu Prag am August. Den Héije Vertrieder vun der Unioun fir Aussen- a Sécherheetspolitik a Vizepresident vun der Kommissioun, Josep Borrell, hat kuerz virdrun d'Iddi vun enger EU-Trainingsmissioun lancéiert.

D'Missioun gëtt momentan an den zoustännege Instanzen vum Conseil vun der EU (COPS, Comité militaire, PMG) diskutéiert. D'Zoustëmmung ass ganz large, an d'Finanzéierung géif iwwert d'Budgetslinn vun der Gemeinsamer Sécherheets a Verteidegungspolitik (GSVP) assuréiert ginn, sou wéi iwwert eng zousätzlech Mobiliséierung vun der europäescher Friddensfacilitéit. D'GSVP liwwert de rechtleche Kader, an di virgesinne Trainingsmodulen sinn déi folgend: Basistraining, Manövréieren op Unitéits- a Sub-Unitéitsniveau, Organisatioun an Taktik, Feldmedizin, Logistik a Genie, kombinéiert Formatioun fir Waffeninstrukteren, Cyber, CBRN-Protektioun, Maintenance a Reparatiounen. De Plang ass fir ganz Brigade vun der ukrainescher Arméi op verschiddene Plazen an Europa – net an der Ukrain – auszebilden.

D'Missioun soll och op si fir Net-EU Staaten an ass fir d'éischt emol geplangt fir 2 Joer.

Lëtzebuerg, den 23. September 2022

(s.) Jean Asselborn

Aussen- an Europaminister